N° 3899
Entrée le 06.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro N° 3899 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy

1. Kritt d'Plattform "JIF" ëffentlech Finanzmëttele fir d'Organisatioun vun der "Marche féministe" oder fir aner Aktivitéiten? Wa jo, wéi eng Zomme goufen an deene leschte fënnef Joer accordéiert, an no wéi enge Krittären?

D'Plattform JIF kritt keng ëffentlech Finanzmëttele vum Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit (MEGA) fir d'Organisatioun vun der feministescher Marche oder fir aner Aktivitéiten.

2. Kontrolléieren déi zoustänneg Ministèren, ob Associatioune wéi d'JIF, déi mat ëffentleche Sue finanzéiert ginn, d'Sécherheet an déi ëffentlech Uerdnung bei Evenementer garantéieren? Wa jo, wéi gëtt dës Kontroll ausgeüübt?

D'JIF organiséiert déi feministesch Marche, a kréien dofir déi néideg Autorisatioune vun der Stad Lëtzebuerg. De MEGA war weder virdrun, wärend oder no der Marche impliziéiert.

3. Et gouf gemellt, datt et bei der "Marche féministe" zu Spannungen tëscht Organisateuren an Aktiviste wéi och zu Gesetzesverstéiss komm ass. Goufen déi zoustänneg Ministèren iwwer dës Virfäll informéiert? Wa jo, wéi eng Moossname goufe geholl?

De MEGA gouf net iwwert déi beschriwwe Virfäll informéiert..

Laut Informatioune vun der Police, ware béi dëser Manifestatioun Membere vum Service opérations vun der Regionaldirektioun Capitale vun der Police als Responsabel sur place. Vun der Säit vum Organisateur goufe keng Onreegelméissegkeete festgestallt. Méiglecherweis bezitt sech den honorabelen Deputéierten op e Sträit tëscht zwou Aktivistengruppen, deen um Knuedler entstanen ass. D'Police huet sech tëscht déi zwou Gruppe positionéiert a war soulaang op der Plaz, bis d'Situatioun sech nees berouegt hat. Et koum zu kengem Zäitpunkt zu enger Gesetzesverletzung an de Virfall gouf op reng polizeilechem Niveau gereegelt.

Lëtzebuerg, den 6 Mäi 2026

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes